

# Schoulcharta

## Schoul am Duerf Beetebuerg

D'Schoulcharta ass en Ofkommes tëschent Schüler, Schoulpersonal, Mataarbechter an Eltere bzw. Tuteuren. Si weist de Wee fir d'Zesummeliewe vun alle Bedeelegten an der Schoul.

# Visioun vun der "Schoul am Duerf"

Eis Schoul ass eng Plaz,
wou jidderee sech wuel fillt,
well all Schoulpartner respektvoll, tolerant an
éierlech mateneen ëmginn.
Bei eis sti perséinlech Entwécklung an
eegeverantwortlecht Léieren am Mëttelpunkt.


# Leetlinnen

Mir sinn eng Schoul vu Mënsche fir Mënschen.

Jiddereen ass fir sech selwer a fir d'Gemeinschaft verantwortlech.

Mir sinn op fir Neies ouni awer dat Bewäert opzeginn.

Et ass wichteg, datt jiddereen sech wuel fillt.


Mir plangen eis Schoul zesummen.
Mir ënnerstëtzen all Schüler individuell no senge Bedierfnesser.
Mir handelen nohalteg a bereeden op d'Liewe vir.

# Erklärunge vun der Schoulcharta.


## Inhaltsverzeechnes

Schoulgemeinschaft

Schoulhaff

Schoulgebai

Konfliktmodell


Esou puzzels du dech derduerch!
Thema
Leetsatz
Meng Rechter
Meng Flichten
Konsequenz, wann een d'Regelen net anhält

# Schoulgemeinschaft

## Kommunikatioun

An eiser Schoul gi mer respektvoll an oppe mateneen ëm.

Ech hunn d'**Recht** meng Meenung bei festgesate Geleeënheeten (z.B. Elteregespréich, Konferenz vum Léierpersonal, Pausen, Klassekonferenz…) ze soen.

Ech hunn d'**Flicht** deenen aneren hir Meenung ouni Virurteeler nozelauschteren an se Eecht ze huelen.

Deen aneren op eis Schoulcharta-Visiounen hiweisen an oppassen, datt en sech och drun hält.





Wann d'Gespréich net respektvoll an oppe matenee geféiert gëtt, huet een

**d'Recht op eng Bedenkzäit,**

dat heescht, dat Gespréich op e spéideren Zäitpunkt ze verleeën.

# Schoulgemeinschaft

## Informatioun

Mir si fir eng fléissend Informatiounsvermëttlung, wie gutt informéiert ass kann och konstruktiv mattschaffen.

Ech hunn d'**Recht** iwwer all Wichteges, wat d'Schoul ugeet, informéiert ze sinn.

Ech hunn d'**Flicht** mech ze informéieren an all wichteg Informatioune weiderzeginn.

Wien sech net informéiert, dréit d'Nodeeler.

## Uerdnung

D'Klassesäll an d'Aarbechtsmaterial an eiser Schoul stinn eis zur Verfügung, mir passen dodrop op an halen alles an Uerdnung.

Ech hunn d'**Recht** dat Material ze benotzen.

Ech hunn d'**Flicht** op d'Schoulmaterial opzepassen an uerdentlech dermat ëmzegoen.

Wien Duerchernee mécht muss raumen. Wie futti mécht muss dofir opkommen oder soss eng allgemeng nëtzlech Aarbecht maachen.






# Schoulgemeinschaft

## Léieren, Fläiss a Leeschtung

Mir beméien eis, déi Methoden an dat Wëssen, dat mer bäibruecht kréien och fir eis Entwécklung ze notzen.

Ech hunn d'**Recht** eppes ze léieren a mech weiderzebilden.

Ech hunn d'**Flicht** mech drunzeginn a mäi Bescht ze maachen.

D'Fortschrëtter beim Léieren an déi perséinlech Entwécklung ginn duerch de Wëllen an d'Motivatioun méi grouss.

## Verantwortung

Dem Léierpersonal an den Eltere läit d'Sécherheet vun de Kanner um Häerz.

Ech als Léierpersoun hunn d'**Recht** Bescheed gesot ze kréien, wann e Kand net kann um Unterrecht deelhuelen.


**Flicht:** Wann e Kand krank ass oder duerch soss en Ëmstand net kann an d'Schoul kommen, mussen d'Elteren et esou séier wéi méiglech ( bis hallwer 9 ) ofmellen, nom Artikel 16 vum Gesetzestext vum 16. Februar 2009.

Art. 16 du Mémorial A n° 20 du 16 février 2009 : Lorsqu'un élève manque momentanément les cours, les parents doivent sans délais informer le titulaire de classe et lui faire connaître les motifs de cette absence.

Ass d'Kand net ofgemellt ginn, ginn déi Verantwortlech mat der Problematik konfrontéiert a kënne responsabel gemaach ginn.



**Risiko** wann d'Kand net ofgemellt ass : Et weess een net op d'Kand krank ass oder ob him um Schoulwee eppes geschitt ass.


BUDDY

## Gewalt

Mir si géint Gewalt. Gewalt, egal wat fir eng, gehéiert net an eis Schoul.

Ech hunn d'**Recht** eng Schoul ouni Gewalt ze erliewen.

Ech hunn d'**Flicht** mech gewaltfräi ze verhalen. Ech maachen d'Aen net zou mä ech mellen all Gewalt ( bei engem Buddy, bei enger Léierpersoun...)

All Agressioun géint en aneren zitt pedagogesch a sozial Moossnamen an/ oder  Sanktiounen no sech.





# Schoulhaff

## Kiss & Go

Dem Léierpersonal an den Eltere läit d'Sécherheet vun de Kanner um Häerz.

Ech hunn d'**Recht** mat Zäit vu mengen Elteren op d'«Kiss & Go» Linn bruecht ze ginn.

D'« Kiss & Go » Linn weist d'Grenze vum Schoulhaff. Ech als Schüler hunn d'**Flicht** mech bannent deene Grenzen opzehalen. Meng Eltere soe mir op der « Kiss & Go » Linn Äddi.

Wann d'Elteren sech net dodrun halen, gi si op d'Schoulcharta higewisen. Wann ee regelméisseg ze spéit kënnt, kritt een eng Verwarnung fir onentschëllegt Feelen.



Wann et néideg ass, ginn d'Elteren oder soss Leit duerch de Schoulhaff iwwert deen agezeechenten Wee.

**De Sammelpunkt wann et schellt.**

Eis läit d'Sécherheet vun de Kanner um Häerz.

Ech hunn d'**Recht** sécher an ënner Opsiicht a meng Klass ze kommen.

Ech hunn d'**Flicht**, wann et schellt op de Sammelpunkt ze kommen an deene Leit, déi d'Opsiicht hunn oder de Buddyen ze follegen.

D'Konsequenze ginn an der Klass gereegelt.

Wann et reent bleiwe mir am Schoulgebai an halen eis un d'Regele vum Zyklus.



# Schoulhaff

## Offall

Mir wëllen hëllefen d'Ëmwelt an d'Natur propper ze halen.

Ech hunn d'**Recht** an engem gefleegten, sécheren a propperen Haff ze spillen.

Ech hunn d'**Flicht** mäin Dreck an d'Dreckskëschten ze geheien an näischt futti ze maachen.

Wien dat net mécht,
- dee kritt gesot, datt e säin Dreck soll oprafen,
- dee muss beim Botzplang hëllefen.





# Gewalt

Mir si géint Gewalt!!! Gewalt, egal wat fir eng, gehéiert net an eise Schoulhaff.

Ech hunn d'**Recht** op eng flott Paus ouni Stress a Gewalt.

Ech hunn d'**Flicht** op déi aner Rücksicht ze huelen a friddlech mateneen ze spillen.

Am Fall, wou een sech nët drun hält :

- gett een vun de Surveillanten oder Buddyën op dat falscht Verhalen opmierksam gemaach

Aner Moossnahmen sinn:

- Time-out ( Beräich wou een net däerf spillen )
- Emphathiegrupp
- SVentil
- Moossnahmen an der Klass





**D'Handyë** bleiwe während der Schoulzäit **aus!**


**Sécherheet**

An der Schoul ass et wichteg, ouni Gefor an ouni gestéiert ze ginn, kënnen ze léieren.

Ech hunn d'**Recht** fir a Rou kënnen ze léieren.

Ech hunn d'**Flicht** mech am Trapenhaus, am Gank an am Klassesall roueg ze bewegen.

Wann ech mech net dodrun halen, ginn d'Konsequenzen an der Klass bestëmmt.




**Gezei**

Mir wëllen dat Gezei, dat mer mat an d'Schoul bréngen och erëm mat Heem huelen.

Ech hunn d'**Recht** meng Jackett op de Krop ze hänken.

Ech hunn d'**Flicht** meng Saachen an deenen aneren hir Saachen ze respektéieren.

Kleeder an aner Saachen, déi leie bleiwen, ginn an eng Sammelkëscht geluecht an zum Schluss vum Joer an d'Kleedersammlung bruecht.



# Schoulgebai

Offall

E proppert Schoulgebai ass äis wichteg.

Ech hunn d'**Recht** an eng Schoul ze goen, wou d'Gäng an d'Klassesäll uerdentlech a propper sinn.

Ech hunn d'**Flicht** mäin Dreck an de Pabeierkuerf ze geheien an näischt futti ze maachen.

Wien Duerchernee mécht muss raumen, wie Knascht mécht muss botzen. Wie futti mécht muss dofir opkommen an/oder eng allgemeng nëtzlech Aarbecht leeschten.

## Toiletten

E proppert Schoulgebai ass eis wichteg.

Ech hu **Recht** op eng propper Toilette.

Ech hunn d'**Flicht** mech un d'Regelen, déi zesumme mat den Elteren an de Kanner gemaach gi sinn, ze halen.

D'Léierpersounen hunn d'Recht d'Toiletten ze kontrolléieren.
Wann do eppes net an der Rei ass, kréien d'Elteren dat schrëftlech matgedeelt a gesot si sollen d'Kanner un d'Hygiènesregelen erënneren.

## Klasseregelen

All Klass stellt hier eege Regelen op. Regele sinn do fir sech drun ze halen, onnéideg Diskussioune gi verhënnert.

D'Klasseregele ginn am Ufank vum Schouljoer zesumme mat der Klass opgestallt.

Hei eng Lëscht wat u Klasseregele soll opgestallt an ënnerschriwwe ginn :

- Gespréichsregelen
- Aarbechtsregelen
- Bewegungsregelen
- Ëmganksregelen
- Chargeverdeelung
- Uerdnung

Positiv Formuléierunge wielen

**Konsequenze** ginn an der Klass gereegelt an kloër erkläert.


Prima

# Eist Zil ass d'Wuel vun de Kanner an der Schoul

## Gespréichsregelen

- Géigesäitege Respekt -

- Secret professionnel -

- Ziler am A behalen
- en Uleies virbréngen
- seng Siichtweis virléen
- keng virgefaasste Meenung hunn, neutral an dat Gespréich goen

- nolauschteren an ophuelen
- widderhuelen an nofroen, ob een d'Kritik richteg verstanen huet

**De Konflikt ass geléist ginn**

**De Konflikt ass nët geléist ginn**

↓

**Médiateur**

# Konfliktmodell

## Konflikt Léierpersoun <-> Elteren

Gespréicher

- Konflikt geléist
- Konflikt ass nët geléist ginn

**Médiateur**

President vum Schoulkomitee
oder
Schoulinspekter
oder
Schoulservice

## Konflikt Léierpersoun <-> Lehrperson

Gespréicher

- Konflikt geléist
- Konflikt ass nët geléist ginn

**Médiateur**

Schoulinspekter
oder
Supervisioun
oder
Schoulservice

## Konflikt Léierpersoun <-> Schüler

**Gespréicher**

- Konflikt geléist

Konflikt ass nët geléist:

- Buddy-Projet
- Empathiegrupp
- SVentil

**Médiateur**

Partnerklass
oder
Elteregespréich
oder
Equipe pédagogique
oder
President vum Schoulkomitee
oder
Schoulinspekter
oder
Supervisioun

## Konflikt Schüler <-> Schüler

**Gespréicher**

- Konflikt geléist

Konfliktléisung duerch:

- Léierpersoun-Schüler-Gespréich
- Empathiegrupp
- Buddy-Projet
- SVentil

Dës Schoulcharta ass duerch Zesummenaarbecht vu Schüler, Elteren a Léierpersonal entstanen. Hinnen all villmools Merci fir déi gutt a produktiv Zesummenaarbecht. E grousse Merci geet och un Gemengeverwaltung fir hir Ënnerstëtzung.





## Impressum

Schoul am Duerf
15, rue de l'Ecole
L-3233 Bettembourg
Luxembourg

Tel.: 26 52 97 - 707
Fax.: 26 52 97 - 400

Druck : Imprimerie Quintus

© Schoul am Duerf 2011